# Eisen Erënnerungsbam ...






*... nieft dem Fussballterrain léisst eise Veräin an d'Zukunft an an d'Hoffnung wuessen. Ville Beem gouf am Laf vun der Geschicht eng symbolesch Bedeitung zougesprach. Esou gouf et: Helleg Beem, Stammbeem, Fräiheetsbeem, Grenzbeem, awer och Uebstbeem, déi Friichte gedroen hunn.*
*An eisem Fall sinn dat Erënnerungsplacketten ...*

F.C. JEUNESSE USELDANGE

# 1945 - 2020



## sidd mat derbäi ...

F.C. JEUNESSE USELDANGE



Léif Sportsfrënn,
Léif Frënn vum F.C. JEUNESSE USELDING,

Am Joer 2020 feiere mir 75 Joer Useldinger Fussballveräin an hu folgende Programm unzebidden:

| | |
|---|---|
| *10. Mee 2020* | *Aweiung vum Erënnerungsbam nieft dem „Terrain Nic. Anzia“* |
| *28. Juni 2020* | *Offiziell Festivitéiten an uschléissend „Conveniat“* |
| *17. Juli 2020* | *Zeltfest mam DJ Dee & DJ Flex Diamond* |
| *18. Juli 2020* | *Zeltfest mat Wallstreet* |


*Enn Juli/Ufank August 2020*
*Coupe Nic. Anzia an Editioun vun engem Buch*

Datt dës Manifestatioune resp. Editioune mat Käschte verbonne sinn, déi eise Keessestand iwwerschreiden, dierft gewosst sinn. Mir wären Iech vu ganzem Häerzen dankbar, wann Dir eis géift hëllefen, dës Käschte mat ze droen.

Vun de folgende Participatioune kënnt Dir eng oder méi Méiglechkeeten auswielen.

| | |
|---|---|
| *10 €* | *- Donateur* |
| *25 €* | *- Comité d’Honneur (am Buch vermierkt)* |
| *50 €* | *- Comité de Patronage (am Buch vermierkt)* |
| *75 €* | *- eng Säit am Buch, mat Ärem Numm (+ 1 Buch)* |
| *125 €* | *- Ären Numm op enger Plackette um „Erënnerungsbam“ (kuckt „d‘Maquette“) nieft dem Fussballterrain* |

# *Eisen Erënnerungsbam ...*



*mat Ärem Numm*
*dee gëtt op eng 13x13 cm grouss Inox-Plackette agelasert an op e Metallband mat der Schrëft*
*75 JOER F.C. JEUNESSE USELDING*
*opgehaangen.*

*Dëse Bam steet schonn nieft eisem Fussball-terrain zu Uselding. Hie kritt e Metallmantel verpasst, wou d’Haaptsponsoren op 88 Inox Blieder drop veréiwegt ginn.*

*Bankkonto “F.C. Jeunesse Useldange”*
*CCPL LULL LU98 1111 7226 3885 0000*
*Vermierk: “75 Joer FCJU – Numm/Virnumm”*

DiGiCASH® MOBILE PAYMENTS *00352 621 660 639*